PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Vum 3ten op de 4te Januar war Lëtzebuerg erëm mat Iwwerschwemmungen duerch Starkreen geplot. Plazeweis waren iwwer 50 l/m2 gefall an et hunn erëm Stroossen a Parkinge musse gespaart ginn. Wéinst den Iwwerschwemmunge vum leschte Juli, si plazeweis d'Leit elo méi nervös, wann grouss Quantitéiten u Nidderschlo gemellt sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Sinn zënter Juli 2021 Verännerungen a punkto Wiederwarnungen gemaach ginn?
2. Ass d'GovAlert App schonn iwwerschafft ginn?
3. Preparéiert de CGDIS sech haut anescht op gemellte Starkreen ewéi nach viru 7 Méint?
4. Goufen an deene leschte Méint Commande fir zousätzlecht Material (Sandsäck, mobill Barrikaden, etc.) gemaach, fir d'Waasser am Fall vun Iwwerschwemmunge besser zeréckdrängen ze kënnen?
5. An der Äntwert op d'Fro no°4672 ass erkläert ginn, dass Lëtzebuerg an Zukunft kéint op de Wee vun Alerten iwwert SMS-Systemer oder de Cell Boradcast goen. Wou sinn dës Projeten am Moment drun?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député